DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, den 11. September 2020

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung weiderzeleeden:

*« D'Coronakris huet dozou gefouert, dass dëst Joer vill Leit de Vëlo nei entdecken, mat der Konsequenz dass et a ville Vëlosbutteker zu Enkpäss komm ass an och nach ëmmer kënnt. Wéinst der héijer Demande kann dofir net jiddereen, dee wëll, en neie Vëlo kafen an vun der Regierung hirer Primm « Clever fueren » profitéieren, déi just bis den 31. Mäerz 2021 geet.*

*An deem Kader wollt ech der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung folgend Fro stellen:*

- *Ass d'Madamm Ministesch der Meenung, dass et ubruecht wier, d'Primm fir en neie Vëlo oder Pedelec iwwer den 31. Mäerz 2021 eraus weiderzeféieren fir dass jiddereen, dee wëll, vun där Primm profitéiere kann ? »*

Mat déiwem Respekt,

Max HAHN
Deputéierten